

déngt jiddermanns Saach, an dat féiert och dozou, datt ganz oft d'Dispositions pénales net applizéiert gi respektiv dass se ignoriéiert ginn. Soss kënnen mer natierlech mat dem Projet de loi d'accord sinn.

Ech soen Iech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskusioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo den Här Minister Luc Frieden. Här Frieden!

■ **M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*** - Här President, ech hunn de sëllegen Erklärunge vun de Kolleegen hei an der Chamber net villes bäizefügen. Et ass e wichtegt Instrument vu méi Koordinatioun a Kooperatioun an deem dote Beräich. Dat ass hei beschriwwen ginn. Dat ass positiv.

Nun ass et awer esou, datt d' Aféierung an d'Utilisatioun vun der Informatik net eppes Einfaches ass, an datt dat - leider, kann ee soen, mä dat ass d'Realitéit - meeschtens eng gewëssen Zäit brauch, an esouguer wann et da bis besteet, muss och nach jiddferene domadder wëllen a kënnen schaffen. Wéi gesot, duerfir muss et emol fir d'éischt bestoen. Duerfir mengen ech, datt dat alles méi lues effektiv gaangen ass wéi dat sech vläicht erhofft ginn ass. Mä dat heescht awer net, datt et doduerch manner gutt ass. Et muss een also kucken, datt een déi néideg Infrastrukture schafft, fir datt dat geet.

Aus der theoretescher Siicht gekuckt, well ech si selbstverständlech kee Spezialist vun dem Inhalt vun deenen dote Fichieren, mengen ech ze verstoen, datt dat en extreem utilet Instrument ass fir eng besser grenziwwerschreidend Kriminalitéitsbekämpfung, wann et da bis voll operationell ass. Dat gëllt souwuel fir déi éischt Etapp wéi fir déi zweet Etapp.

Zu der Remarque vum Verrieder vun der DP géing ech just wëlle soen, datt et ganz normal ass, datt, wann een op e Gewerkschaftskongress geet, Leit soen, si bräichte méi Leit, a si hunn och héchstwahrscheinlech Recht. Mir waren d'lescht Joer konfrontéiert mat 1.000 Demandé beim Numerus clausus. Et ass mer elo gesot ginn, datt dëst Joer nach méi Demandé kommen. Eleng nëmmen a menge Beräicher: Geriicht, Police, Douane, Enregistrement, direkt Steierverwaltung ginn e puer honnert Leit gefrot, an dat ass ganz normal.

Eist Land huet ganz vill Aufgaben, mir wäerten net nokommen, esou vill Leit anzustellen. Wann een awer d'Responsabilitéit huet, an duerfir ass et méi einfach wann een natierlech aus der Chamber déi Revendicatioun hei matbréngt, et ass einfach engem ze soen, majo da kriss de méi Leit. Wa mer awer de Budget maachen, da kënnen mer net heihinner kommen a soen, d'nächst Joer kommen iwwer dausend Leit. Duerfir muss dann e Choix gemaach ginn, an duerfir kann een net all gewerkschaftlech Revendicatioun an deem do Plang berücksichtegen, well soss kann een net, besonnesch net bei deene Masse-salarialen, déi de Stat bezilt, och nach herno e Budget eenegermoossen op eng uerdentlech Aart a Weis presentéieren.

An duerfir bieten ech all d'Kolleegen drëm, datt net all Beamten, deen op enger Plaz gefrot gëtt, och vun der Regierung agestallt ka ginn. Mir hunn trotzdeem an deene leschte Joren honnerte vun zousätzleche Beamten a ganz vill Verwaltungen agestallt, wat eis iwwregens vun där deemoleger Oppositioun reprochéiert ginn ass, an duerfir hoffen ech, datt déi heiteg Oppositioun beim nächste Budget dann déi Kritiken net wäert maachen.

Datselwecht gëllt iwwregens fir déi Propositionen, déi elo grad vum Verrieder vum ADR hei am Besuch op de Code pénal gemaach gi sinn. Ech weess och, datt am Code pénal eng ganz Rei Termé sinn, déi e bëssen net méi zäitgeméis sinn, an ech weess och, datt et schwierig ass, wann een déi sëllech Gesetzgebunge kuckt, wou Strofrechtsbestimmungen drastinn, datt déi net an engem Code sinn.

Nach muss ech soen, datt, wa mer déi Aarbecht wëllte maachen, dat eng enorm grouss Aarbecht wär, an ech wierklech net weess, wéi mer mat deene Beamten, déi mer hunn an déi ganz gutt sinn, och nach déi doten Aarbecht géinge maachen, fir en neie Code pénal ze schreiwen, eng Codificatioun vun alle strofrectleche Bestimmungen.

Dat ass eng Aarbecht fir e Chercheur, dee vläicht eng Kéier déi Aarbecht wëllt maachen. Et ass also eng Iddi, déi ech a priori net schlecht fannen, mä ech kann déi Motioun do aus Regierungssicht net unhuelen, well ech weess, datt mer dat do kuerzfristeg net gemaach kréien. Mir hu vill aner Saachen am Justizberäich, déi mer annonciéiert hunn, déi mer wëlle maachen, déi och enorm aarbechtsintensiv sinn, an duerfir géing ech dat prioritär maachen, virun esou Compilatiounen, déi eng Utilitéit hunn, mä déi kuerzfristeg onrealistes sinn.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun där Debatt a mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5402.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5402 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Paul-Henri Meyers), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marc Spautz), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vun zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer d'Motioun vum honorebelen Här Henckes. D'Regierung huet Positioun geholl. Kënnen mer direkt ofstëmmen? Par main levée? Geet dat?

(Assentiment)

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, deen hieft d'Hand an d'Luucht!

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech gesinn et ass eng relativ grouss Majoritéit, déi mat där Motioun net d'accord ass, an domat ass se ofgelehnt.

(Interruptions)

Et ass eng Majoritéit, eng relativ grouss.

Voilà, da komme mer zur Diskusioun vum nächste Projet de loi, d'Bekämpfung vun der Korruptioun. D'Riedezäit ass och nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwen sinn: d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner!

8. 5262 - Projet de loi portant approbation:

a) de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la lutte contre la corruption impliquant des fonctionnaires des Communautés européennes ou des fonctionnaires des États membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 26 mai 1997;

b) du deuxième Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, à la Convention relative à la protection des intérêts financiers des Communautés européennes, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997;

c) de la Convention pénale sur la corruption, signée à Strasbourg, le 27 janvier 1999;

d) du Protocole additionnel à la Convention pénale sur la corruption, signé à Strasbourg, le 15 mai 2003; et modifiant et complétant certaines dispositions du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

■ **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, et gëtt ëmmer erëm spekuléiert, dass de Phenomeen vun der Korruptioun weltwäit verbreet wär a sech an all Gesellschaften, all Gesellschaftsformé géif erëmfannen an och existéiere kënn.

Lëtzebuerg steet op der Ranglëscht vun Transparency international op der siwenter Plaz vun de Länner - selbstverständlech mat der niddregster Korruptioun.

(Interruptions diverses)

Dëse Korruptiounsindex berout primär op subjektiven Impressiounen, well et gëtt keng exakt Chiffieren a keng Fakten. D'Ursaach läit

doran, dass et sech hei net ëm e klassesche Crime handelt mat engem Auteur a mat engem Opfer, mä et ass an der Korruptioun wéi am Tango: Et muss een zu zwee sinn, fir en ze tanzen...

(Hilarité)

..., en aktive Corrupteur an e passive Corrompu.

Mä trotz ganz wéinege Condamnatiounen an héijen Donkelzifferen huet d'Korruptiounsversuchung de Verdacht, dass eis Gesellschaft korruptiounsufällig ass an dass et zu enger Verlagerung kënn vum der Inlandskorruptioun op eng transnational Korruptioun. No-deems d'Bestiechung an der internationaler Wirtschaft eng laang Zäit als funktionellt Schmiermittel, also als noutwendegt Iwwel akzeptéiert an toleréiert ginn ass, hu sech déi lescht 20 Joer lues a lues och negativ Auswirkungen fir eis Gesellschaft, eis Wirtschaft an eise Rechtsstat bemierkbar gemaach.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Isoléiert national Strategië ginn ersat duerch nei international ofgestëmmte Konzepter, an dat vun der Europäescher Unioun, der OCDE, dem Europarat a selbstverständlech och der UNO. Dofir fanne mir elo um Niveau vum Droit international public fir d'alleréisch Bestriewunge vun der EU, hir eeg finanziell Interessen ze schützen an dat en présence vun engem enorme Budget a ganz héijen Auslandssubventiounen.

Op där anerer Säit huet d'OCDE-Korruptiounskonventioun bewierkt, dass eng ganz Rei vu Länner Antikorruptiounsmoossnamen an hir intern Gesetzgebung agebaut hunn an opgeholl hunn. An da selbstverständlech och de Conseil de l'Europe, dee versicht mat ganz grousssem Enthusiasmus eng ëmfaassend europäesch Léisung, an dat och an Osteuropa, fir dee Problem an déi Problematik ze fannen. Da selbstverständlech zu allerlescht ass d'UNO-Deklariatioun bestrieff e globale politesche Konsens ze fannen.

Duerch d'Gesetz, dat dës Chamber votéiert huet de 15. Januar 2001, wou et a Kraaft getrueden ass, ass do d'OECD-d'Antibestiechungskonventioun approuvéiert ginn. Domadden ass de Begrëff vun der Bestiechung am öffentlichen Déngscht, mam Trafic d'influence a mat der Prise illégale d'intérêt nei definéiert ginn an eise Code pénal. En plus kënnen steierrechtlech Pots de vin net méi steierrechtlech ofgeschriwwen ginn. Et war den honorebelen Laurent Mosar, dee Rapporteur war vun dëser déifgräifender Reform.

■ **Plusieurs voix.** - Ah! Oh!

■ **Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.** - Haut den Owend geet et drëms véier aner international Instrumenter ëmsetzen. Dat sinn op där enger Hand d'EU-Antibestiechungskonventioun vun Europabeamte mam zweete Protokoll iwwert de Finanzschutzaccord - allen zwee sinn aus dem Joer 1997 -; op där anerer Hand hu mer d'Convention pénale vum Conseil de l'Europe iwwert d'Korruptioun vun 1999, och Europaratskonventioun genannt, mat engem zousätzleche Protokoll aus dem Joer 2003.

Ech wëll elo kuerz e puer Explikatiounen, e puer Kommentare ginn iwwert déi fënnef Artikelen, déi an dësem Gesetzesprojet virleien, dee mer haut wëlle stëmmen. Am Artikel 1 gi fir d'alleréisch déi verschidde juristesche Instrumenter opgezielt, déi ze approuvéiere sinn. D'Europaratskonventioun befaasst sech haaptsächlech mat der Procédure pénale a versicht d'Korruptioun ze bekämpfen net nëmme mat gemeinsame Regeln, mä och mat enger verstärkter internationaler an transnationaler Kooperatioun.

Am Artikel 26 iwwert d'Entraide judiciaire ginn d'Staten elo opgefuert eng Rechtshëllef an deem gréisstméiglechen Ëmfank, an dat esou schnell wéi méiglech, ze leeschten. Selbstverständlech kann all Land an engem konkrete Fall seng Rechtshëllef verweigere, wa se géif de Prinzip vun der Souveränitéit respektiv vun der interner staatlecher Rechtsuerdnung affectéieren.

Mä wat d'Bankgeheimnis betrëfft, esou sinn hei ganz kloer Regele gesat. Dat wëllt soen, déi international Kooperatioun ganz generell, an d'Entraide, déi international Rechtshëllef spezifesch dierfen net eleng ofgelehnt gi mam Hinweis op d'Bankgeheimnis. Dat internt staatlecht Recht dierf awer dës Dispositiounen aschränken doduerch, dass d'Ophiewe vum Bankgeheimnis nëmme ka vun enger gerichtlecher Instanz autoriséiert ginn. An hei zu Lëtzebuerg kann nëmmen e Richter d'Levée vum Secret bancaire autoriséieren.

De Follow-up an de Monitoring vun dëser Europaratskonventioun gëtt dem Greco, dat wëllt soen Groupe d'États contre la corruption uvertraut.

Am Kader elo vum Artikel 2 vun dësem Projet gëtt den Artikel 252 vum Code pénal erweidert a betrëfft elo zousätzlech auslännesch Beamten a Parlamentarier, international Schiedsrichter, Juréen an Experten, Europafonctionnairen an international Riichter an a Greffieren, dat Ganzt selbstverständlech am Respekt vun den interne Bestimmungen a selbstverständlech och vun den Immunitéitsregelungen vun dësen internationalen Organisatiounen. D'Strofverfolgung ass also nëmme méiglech no uerdnungsgeméissem Ophiewe vun hirer Immunitéit.

Mam Artikel 3 komme mer elo zum wichtigsten Deel vun dësem Gesetzesprojet. Vill Länner, och dorënner Lëtzebuerg, gesinn nëmme Sanktiounen vir bei der Korruptioun vu Beamten am öffentlichen Déngscht a keng Sanktiounen fir d'Bestiechung am private Secteur. Awer och déi privat Korruptioun huet negativ Auswirkungen a féiert zu enger Verschlechterung vun Präisleschungsverhältnissen, der Innovationsfreedegkeet a selbstverständlech och zur Benodeelegung vun Drëttpersonen.

D'Banque mondiale qualifizéiert d'Korruptioun als dee gréissten eenzelnen Obstacle fir déi wirtschaftlech a sozial Entwécklung. No der Décision-cadre vum 22. Juli 2003 hunn d'Memberstaaten sech engagéiert och intern staatlech Sanktiounen fir déi privat Korruptioun virzegesinn an domadder gëtt also och déi aktiv a passiv Bestiechung am private Beräich konkret an eise Code pénal agebaut duerch zwee nei Artikelen: den Artikel 310 an 310-1.

De Libellé vun dësen neien Artikelen ass iwwerholl ginn aus dem belsche Gesetz vum 10. Februar 1999 relative à la répression de la corruption. Firwat? Well zesumme mam Conseil d'État war d'Kommissioun sech eens, net d'Definitioun vum initiale Projet unzehuelen, dee ganz wäit gaangen ass, dee souguer iwwert d'Direktiven eraus gaangen ass, an zwar fir ze évitéieren, dass d'Korruptioun am private Beräich net méi staark soll sanktionéiert gi wéi an der politescher Korruptioun.

Den Text, wéi en elo virläit, verweist och net méi op déontologesch oder professionell Regeln. Wat de Champ d'application vun deenen neien Artikelen ubelaangt: Elo falen ënner d'Corruption privée fir d'alleréisch d'Ugestallten aus den Entreprises, aus de Geschäften an aus de Gesellschaften, d'Personen, déi de Statut vun engem Indépendant hunn, an och déi, déi mandatéiert gi sinn, fir eng spezifesch Missioun ze maachen.

Et betrëfft net nëmmen de Milieu vun de lukrativen Aktivitéiten, mä och de Bénévolat, wéi zum Beispill d'Presidente vun enger A.s.b.l. oder engem Fussballclub. An der Praxis begéint een der passiver Bestiechung, wann e Gérant vun enger Entreprise en Avantage vun engem Drëtte fuerdert, unhëlt oder sech verspriche léisst. Dat heescht, deen dee bestécht, mécht aktiv Bestiechung, an de Gérant, dee sech kafe léisst, dat wëllt soen e Vertrauensbroch, e Loyalitéitsbroch mécht, dat ass deen, dee passiv Bestiechung mécht. Och wann am Fong geholl näischt Passives hei a sengem Rôle opzeweisen ass. Mä ech wëll drop hiweisen, dass sech dëse Begrëff vu passiv an aktiv Korruptioun an der Praxis duerchgesat huet an et ass och esou wéi en ëmmer gebraucht gëtt.

De Virdeel, deen also de passivë Corrompu freet oder kritt oder versprach kritt, ka materiell oder immateriell sinn. Et ka fir hie selwer sinn oder fir en Drëtten, an de Wäert huet absolut keng Inzidenz op d'Incrimination. Do ass et interessant ze liese wat d'belsch Travaux-préparatoire gesot hunn, déi mengen, dass déi kleng sozialadequat Geschenker, déi am Fong an aller Öffentlechkeet ëmmer mat enger gewësser Regelméissegkeet offréiert ginn, net kéinten ënnert déi privat Dispositione vun der Privatbestiechung falen.

Als Gégeleeschung vum Virdeel provoziert oder vereinfacht de Corrompu en Akt, deen zu senger normaler, beruflecher Tätigkeet gehéiert, an dat selbstverständlech ouni d'Wëssen an ouni d'Erlaabnis vu sengem Patron, sief dat e Verwaltungsrot, eng Generalversammlung, en Employeur oder ganz einfach e Mandant. Dozou sinn zwou Bemerkungen ze maachen.

Fir d'alleréischt, och den Employeur oder de Mandant kënnen als Coauteur oder als Kompliz bestrooft ginn, falls si géifen Akten erlaben, déi ënnert d'Korruptioun falen. Et bleift awer elo de Problem vum Mandat, deen dat vum Conseil d'administration, vun engem Verwaltungsrot vun enger Gesellschaft ginn ass. Nom Prinzip „societas non delinquere potest“ kann nëmmen eng natierlech Persoun als Täter a Fro kommen an net eng juristesche. Well awer oft a Korruptiounshandlungen net Einzelpersonen, mä Gesellschaften involvéiert sinn a ginn, hat de Statsrot gemengt, et wier ganz wichteg an noutwendeg, och Sanktiounen fir juristesche Persounen virzegesinn.

D'Auteurs vun dësem Projet waren awer der Meinung, dass dës Fro, well se esou technesch an esou komplex ass, misst am Kader vun engem separate Gesetzestext geléist ginn, wéi och de Schutzprogramm vu Kronzeugenaussagen an, wat och dozou gehéiert, dat ass d'Finanzéierung vu Parteien a vum Wahlkampf. An d'Kommissionen deelt dës Meinung, dass déi gewëssen nei Dispositionen an engem separaten Text misste presentéiert ginn.

Mir kommen elo zum Artikel 4 vun eiselem Gesetzesprojet. Hei gëtt de Procureur général d'État als zentral Autoritéit mat der zwëschestaatlecher Kommunikatioun beoptraagt. An dann zum Schluss kommen ech zum leschten Artikel. Deen erlaabt der Regierung, verschidden Aussoen ze maache par rapport zu dëse Konventionen, wéi zum Beispill iwwert d'Gerichtsbarkeit a selbstverständlich och iwwert d'Direktkompetenz vum Europäesche Gerichtshaff.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou wann dësen Text, deen zu enger Harmoniséierung net nëmme vun der Bekämpfung, mä och vun der Preventioun vum Bestiechungsdelikt bäidroen wäert, eng grouss Zoustëmmung

vun Iech géif fannen. Ech géif Iech bidden dësen Text, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet, ze stëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Doerner. Als éischte Riedner ass den Här Bettel agedroen.

Discussion générale

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, wann Der erlaabt géif ech vun hei aus mech un déi héich Chamber richten. Ech hunn hei eng Ried vun néng Säite preparéiert, fir iwwert de Sujet ze schwätzen. An ech...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Haalt se!

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo.

(Hilarité)

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - ...wollt Iech einfach soen, Här President, also, fir den Här Bodry a fir den Här Gibéryen, déi jo esou gespaant sinn, leeën ech se dem Greffe zur Verfügung. Si kënnen eng Kopie herno dovunner kréien.

Mä op jidde Fall, d'Madame Doerner war esou komplett, dass et wierklech hei superfétatoire wier an einfach net nützlich wier, nach eng Kéier dat virzeliesen. Wéi gesot, déi néng Säiten, Madame Doerner, dat wier nëmme Répétitioun vun deem wat Der scho gesot hutt.

Dofir wëll ech vun hei aus der Rapportrice Merci soe fir de schrëftlechen a fir dee mündleche Rapport an Iech och soen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heiten Text wäert stëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Den nächste Riedner ass den Här Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Well ech dat elo preparéiert hunn, wëll ech och e puer Wuert dozou soen. Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv mengen ech brauch een hei opgrond vun deem ausféierleche Rapport net méi op den Detail anzegoen. Dat huet d'Madame Doerner, mengen ech, ganz gutt gemaach.

Ech wëll just op dee wesentlechen Aspekt vläicht zrëckkomme vun deem heiten Text, an deem mer jo eigentlech och als Kommission der Chamber proposéiere fir méi wäit ze goen, éischtsens wéi d'Regierung et wollt, a méi wäit och ze goe wéi mer dat eigentlech opgrond vun internationalen Texter hätte misse maachen.

Mir wëssen alleguerten, dass de Phenomeen vun der Korruptioun net e Phenomeen ass, dee sech nëmmen am Beräich vun der öffentlecher Fonctioun am breedtesten Sënn ofspillt, mä dass en de facto, wann och net bis elo ëmmer de jure, de facto awer ganz kloer och a ganz anere Beräicher eng Realitéit, eng ganz traureg Realitéit ass, déi et gëllt ze bekämpfen.

Ee vun de Mëttele vun der Bekämpfung ass natierlech, dass een e bestëmmtent Verhalen ënner Strof stellt, an ënner zolidd Strofe stellt, wat jo och mengen ech mat deem heiten Text soll geschéien, well hei net nëmmen, géif ech soen, symbolesch Geldstrofe kënne verhaange ginn, et kënnen déck Geldstrofe verhaange ginn, a virun allem kënnen déi dote Vergehen och mat héije Prisongsstrofe geahndet ginn. Also ech mengen den ofschreckenden Effet vun deenen neien Dispositionen ass sécherlech an deem heite Fall ginn.

Wann een dat geltend Recht zu Lëtzebuerg kuckt, haaptsächlech

an den Artikelen 246 bis 250 vum Code pénal iwwert d'Korruptioun, iwwert den Trafic d'influence an iwwert d'Korruptioun vun de Magistraten, da gesäit een, dass traditionell an där Definitioun bis eng Reform komm ass am Joer 2001 et esou war, dass sech de Phenomeen vun der Korruptioun, de strofbare Phenomeen vun der Korruptioun an eiser Législatioun ausschliesslech beschränkt huet op praktesch den öffentleche Beräich am wäiteste Sënn. Dat sinn also Leit, déi eng öffentlech Funktioun, eng öffentlech Missioun oder eng öffentlech Déngschtleschtung gemaach haten. Et waren si, déi ënner Strof gestallt gi sinn, sief et, dass si selwer Anstalten gemaach hu fir sech bestiechen ze loosser, respektiv dass si direkt bestach si ginn.

Dat alles ass also strofbar gewiescht an den éischte Schratt ass zu Lëtzebuerg gemaach ginn, och opgrond vun internationalen Texter, virun e puer Joer, wéi déi dote Propositione geännert gi sinn an ausgedehnt gi sinn an enger éischter Phas elo op Leit, déi een nach ëmmer kann zum öffentleche Beräich zielen, mä zum internationalen an europäeschen öffentleche Beräich zielen, well zënter engem Gesetz vum 15. Januar 2001 ënner Korruptioun och international Fonctionnairen an och Membere vun europäeschen Institutionen falen.

Deen heitegen Text geet erëm eng Kéier e Schratt méi wäit an der Definitioun vum Delikt vun der Korruptioun a geet elo ganz kloer och an dee méi private Beräich, an den netöffentleche Beräich eran, fir och do bestëmmte Verhalen ënnert de Begrëff vun der Bestiechung falen ze loosser, sief et déi aktiv Bestiechung, sief et passiv Bestiechung. Dat sinn am éischte Fall Leit, déi een och nach kann zum öffentleche Raum zielen. Dat sinn also international Arbitere, et sinn Experten, déi an Zukunft och ënnert déi Bestëmmung falen.

Mä déi interessantsten Neierung eigentlech duerch deen hei virleiden Text kënnt doduerjer, dass elo och d'Korruptioun strofbar ass am Beräich vun der Wirtschaft. Net an der Schnëttstell Wirtschaftspolitik, wou et jo eklatant Beispiller gëtt, mä reng an der Wirtschaft eigentlech, an de kommerzielle Relatiounen kann et e Phenomeen vu Korruptioun an Zukunft ginn, an awer virun allem alles wat zesummenhänkt mat enger netkonformer Ausféierung vun engem Mandat wat ee kritt huet. Dat ass mengen ech den zentrale Begrëff.

Et ass eigentlech de Mandataire, deen ënner Strof gestallt gëtt, och also am netöffentleche Beräich, wann e versicht huet sech Avantage ze beschafe respektiv Avantage akzeptéiert huet, fir eng Décisioun ze huelen oder en Akt ze setzen, deen eigentlech net ze setze gewiescht wier. Wichteg ass also och ze kucken, ob jee weileg dee Mandataire sech u säi Mandat gehalten huet, wat e kritt huet. Wann en e Mandat hat, wat kloer war, dann ass natierlech déi stroferechtlech Situatioun eng aner, wéi wann en ouni Mandat gehandelt huet à l'insu vun deenen Organer, déi eigentlech berechtigt ware fir hien ze mandatéieren, an engem gewësse Sënn ze handelen.

Mir maachen also d'Dier op hei fir eng Astrofstellung vun der Korruptioun am Beräich vun de Gesellschaften, an dem Beräich vun de moralesche Persounen, am Beräich och, kann een hei soen, vun de Veräiner, vun den Associatiounen. Mir sinn also hei am Beräich era vum Alldag praktesch, wou elo d'Korruptioun och stroferechtlech

ka geahndet ginn a mir si schonn der Meinung, dass dat e wichtige Schratt ass, deen hei gemaach gëtt. Et ass en Akt vu Moralisation, dee mer hei als Législateur virhuelen. Net nëmme vum politesche Liewen, mä och vum wirtschaftleche Liewen a vum Sozialliewen am Allgemengen.

Wichteg ass och feststellen, an dat huet d'Madame Rapportrice schonn duergeluecht, souwuel schrëftlech, wéi mündlech, dass also d'Bestiechung an Zukunft strofbar ass, souguer bei net bezueltener Aarbecht. Dat heescht, wa mer eis am Kader vum 100%ege Bénévolat bewegen, wann do esou Akte stattfonnt hunn, wou sech onrechtméisseg Avantage beschafft gi sinn, respektiv wou een déi akzeptéiert huet, sief et fir sech, sief et och fir eng Drëttersoun, et muss keen Enrichissement personnel an alle Fäll virleien. Dat ass an Zukunft strofbar.

Et wier just gutt, duerfir bleiwe mer eigentlech elo e bëssen op hallwem Wee hei stoe mat deem heite Gesetz, wa schnellstens, och besonnesch eis Législatioun iwwert d'Penalresponsabilitéit vun de juristesche Persounen, géif hei an d'Lëtzeburger Recht transposéiert ginn. Well dat ass eigentlech de Corollaire zu deem Akt, dee mer hei setzen. Et ass also och wichteg, besonnesch bei Gesellschaften, dass net nëmmen de Lampiste praktesch mam Kolli geholl gëtt, mä dass déi Organer, déi d'Responsabilitéit an enger Gesellschaft hunn, och kënne penal zur Rechenschaft gezu ginn, wann Akte vu Korruptioun mat hirem Wësse geschitt sinn.

Et ass also ganz wichteg, an do géife mer als LSAP drop insistéieren, och bei der Regierung, dass schnellstens gekuckt gëtt, dass also och dee Gesetzesprojet iwwert d'Penalresponsabilitéit vun de juristesche Persounen, vun de Gesellschaften, dass dee schnellstméiglech hei an der Chamber zur Diskussioun kënnt a verabschiedet gëtt. Wéi mer och drop insistéieren, dass déi sou genannte Stroossburger Konventioun vun '99, d'Zivilkonventioun iwwert d'Korruptioun, och an d'Nationalrecht ëmgasat gëtt.

Dann hu mer mengen ech e ganz kohärent Wierk geschafen am Sënn vun enger méi strenger Strofgesetzgebung, an engem ganz sensibele Beräich, wou, wéi de Rapporteur schonn drop higewisen huet, munches um Spill steet, och d'Glafwierdegkeet an den Zesummenhalt vun enger Gesellschaft a vun engem politeschen a Wirtschaftssystem um Spill läit, dass mer do Neel mat Käpp maachen an dass mer do wierklech zu deene gehéieren, déi och no baussen dokumentéieren, dass se gewëllt si géint deen dote Fléau virzegoen a wa méiglech preventiv und alles maachen, an dozou gehéiere staark Strofgesetzer, preventiv also alles maache fir dass et net zu enger Ausbreedung vun deem Phenomeen och hei zu Lëtzebuerg kënnt. An deem Sënn géif ech den Accord vun eiser Fraktioun zu deenen Texter abringen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Nach agedroen ass den Här Felix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci och der Rapportrice fir hire Bericht, souwuel dee schrëftleche wéi dee ganz gutt verständleche mündleche Bericht iwwert de Phenomeen vun der Korruptioun.

D'Korruptioun ass mat Sécherheet e Fléau an et ass eng besonnesch subtil a perfid Form vum Recht vum Staarken, wat an eis modern Gesellschaften sech eriwirgeret huet. Keng Korruptioun kritt een net fir näischt. Keng Korrup-

tioun gëtt et nëmmen dann, wann een eppes aktiv dogéint ënnerhëlt. D'Korruptioun schéngt e Phenomeen ze sinn, deen et natierlech gëtt, a wann een näischt dergéint ënnerhëlt, da verschwénnt d'Korruptioun net vum selwen. Et soll ee sech zwar iwwert déi Zuel freeën, déi d'Rapportrice genannt huet, dass Lëtzebuerg an engem Ranking op der siwenter Plaz optaucht. Et soll een déi Zuel net méi schlecht rieden, wéi et muss sinn. Et ass besser, wa mer als Siwenter do sinn, wéi als 77., mä et muss een awer och d'Grundlag kucken, mat där déi Zuel zustan komm ass.

Et ass am Wesentlechen eng Saach vun Appréciation a vu Subjectivitéit, an duerfir muss ee wëssen, dass een déi gutt Zuel an deem Ranking als Lëtzeburger Land net gepacht huet. Mir sinn dofir och frou, an d'Rapportrice huet och dat ënnerstrach, dass et esou vill international Institutionen gëtt, déi sech mat där Fro beschäftegen, an et ass och ënnert deem Impuls wou hei zu Lëtzebuerg eng Gesetzgebung an de leschte Joren ugefaange ginn ass opgebaut ze ginn, notament oder haaptsächlech, fir net ze soen exklusiv am Beräich vun der Fonction publique.

Mat dësem Gesetz gi mer elo e Schratt méi wäit. Mir ginn eriwir an de Privatsektor, an de kommerzielle Sektor an net nëmmen, och an de Beräich vum Bénévolat a vun aneren a mir maachen dat no laangen Diskussiounen, mengen ech, awer trotzdeem schlussendlech mat Iwwerzeugung.

Dëst Gesetz huet, eleng well et existéiert, och e preventive Charakter, wat och e Bäitrag ass zur Bekämpfung vun der Korruptioun, an dat ass en Element wat sécher positiv ass. Mir hunn no laangen Diskussiounen eis schlussendlech dofir decidéiert, eis um belschen Text unzelehnen. Et wier och a nescht gaangen. Et sinn och aner Varianten diskutéiert ginn. Verschiedener hätten um Pabeier méiglecherweis an der Theorie och Avantage gehat. Mir hunn awer schlussendlech gemengt, dass et géing Sënn maachen, an déi Gréng deelen och déi Aschtzung, een Text ze iwwerhuelen deen et gëtt, dee vläicht ausgeschafft ginn ass vu Leit, déi insgesamt méi Erfahrung scho konnte sammeln.

Ech wëll awer och do direkt bemerken, dass dee belschen Text bis elo an der Belsch nach zu kenger eenzeger Condamnation gefouert huet. Dat Gesetz ass vun 1999 an zënter sechs Joer huet dat Gesetz offensichtlech dofir gesuergt, dass et an der Belsch keng Korruptioun méi gëtt.

(Hilarité)

Et ass natierlech e Geck. Selbstverständlech gëtt et an der Belsch Korruptioun, wéi an anere Länner och. Mä et muss een awer och do dat hannerfroen. A wa mer och elo en Text hunn, dee praktikabel ass, muss een och do awer sech d'Fro stellen, firwat dass an engem Land, wat awer trotzdeem e puer Kräck méi grouss ass wéi Lëtzebuerg, et bis haut net zu Condamnationen opgrond vun deem Gesetz komm ass. Dat fir wuechtsam ze bleiwen, net fir sech der Illusioun hierzeginn, mam Vote vun dësem Gesetz wiere mer duerch dës Diskussiounen. Mir wëssen, dass et, wéi an anere Länner och, mam Vote vum Gesetz net ka gedoe sinn.

Dat gesot, wëlle mer eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz hei bréngen.

Ofschlësse géing ech gäre mat enger Fro un d'Regierung. Och déi ass scho vu verschiddene Virriedner opgeworf ginn. Dat ass d'Fro vun der Korruptioun bei Personnes morales, bei Personnes juridiques. Do ware mer eis eens, dass et dëse Projet wäit retardéieren

déiert hätt, wa mer eis elo mat deem beschäftegt hätten. Et schéngt jo awer eng Unanimitéit hei am Parlament ze bestoen, dass mer doriwwer sollen e Gesetz maachen. Do hätt ech just gäre vun der Regierung eng prezis Äntwert op eng prezis Fro: Wëllt d'Regierung nach an dëser Legislatur esou e Projet de loi op de Wee bréngen iwwert d'Korruptioun bei de Personnes morales?

Ech soen Iech Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Braz. Dann huet elo nach d'Regierung d'Wuert. Här Minister, wann ech gelift.

Ah, den Här Henckes huet sech net ageschriwwen, mä en huet sech awer elo gehuewen. Här Henckes, dann hutt Dir d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech hat mech iwwer onst Sekretariat bei alle Projets de loi aschreiwe gelooss.

Ech wëll ervirsträichen, dass - d'Madame Rapportrice an hirem mëndlechen Exposé vum Tango corruptis geschwat huet a wou se ervirgestrach huet, dass wann ee Korruptioun bedreift, da muss een zu zwee sinn, een deen d'Suen hält an eng Géigeleeschung bréngt an een deen d'Sue gëtt. Dat ass e bësselchen, wann ech kënnt op e rezent lëtzebuergesch Beispill higoen, wéi wann d'Lëtzebuergesch Regierung bei der Cepal Immobilien ofkeeft fir 12 Milliounen Euro, déi awer nuren e Wäert hu vu 5 Milliounen Euro, dann ass dat keng Korruptioun, well op där anerer Säit jo keng Géigeleeschung schéngt gewiescht ze sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass also d'Differenz wou mer hei an der Matière pénale sinn an et ass kloer, dass wann ee schonn zu zwee muss esou eng Infractioun duerchzéien, an dass déi zwee da wéinst Korruptioun kënne condemnéiert ginn, souwuel deen aktive wéi dee passiven, dann - halen déi zwee zesumme wéi Kitt a Pech.

(Interruption)

Dofir gëtt et am Ausland...

(Interruptions diverses et hilarité)

Also, ech gesinn, Här Spautz, Dir kennt Iech vläicht an der Matière gutt aus, dofir kënnt Der nach herno d'Wuert ergräifen.

(Interruption)

Mä ech wëll awer just soen, dass mer hei an enger Matière eng etlech Schwieregkeeten hunn an der praktescher Applikatioun.

■ **M. le Président.**- Här Gibéryen, loosst den Här Henckes schwätzen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Dofir ergëtt et sech och, dass zënter 1999 beispillsweis an der Belsch mat esou engem Text net vill Resultater opkomm sinn. Et gesäit een, dass een eng Dispositioun misst aféieren, déi et a verschiddene Länner gëtt; dat ass dat, wat een nennt d'Kronzeugenregelung.

Dat heescht, dass wann een aus iergendengem Grond esou e Phénomène wëllt dénoncéieren, quitte dass ee mat implizéiert war oder dass ee vläicht liichtfankeg Suen entgéintgehall huet an dat herno regrettéiert, dass een deen Ablack net riskéiert an de Prisong ze kommen, well ee soss keng Aussoe ka maachen an de Corrupteur net ka virun d'Gericht bréngen. Do muss ee sech d'Fro stellen, wéi een effikass an esou Affäre ka virgoen. Ech gesinn, dass Däitschland dee Wee geholl huet. Aner Länner refuséieren dat. Mä et ass awer derwäert, dass een déi Debatt féiert.

Da muss een och ervirsträichen, dass mer hei e relativ wäite Wee gemaach hunn an de leschte Joeren um Niveau vum Combat vun der Korruptioun, well ech erënnere mech nach, dass an engen etleche Länner - Däitschland, Frankräich, Lëtzebuerg - déi Gelder, déi fir d'Korruptioun ausgi gi sinn am öffentleche Secteur oder am private Secteur an an d'Ausland iwwerwise gi sinn, steierlech zu Lëtzebuerg, an Däitschland, a Frankräich, fir nëmmen déi ze nennen, déductibel war. Dat heescht, dass et och nach gefördert ginn ass um steierleche Wee, fir esou Weeër ze goen.

Et ass verständlech, dass et noutwendeg ginn ass, fir um europäeschen Niveau an um Niveau vum Conseil de l'Europe eng resolut Aktioun an eng international Aktioun unzegoen, fir déi Korruptioun, déi ganz vill ekonomesch a sozial negativ Auswirkungen huet, ze bekämpfen, a mat deene Mëttelen, déi hei elo an deenen eenzelne Konventiounen an Texter virgesi sinn.

Do kommen ech och nach eng kéier op meng Motioun zrëck, déi ech virdrun zwar am Geescht vun der Regierung guttgeheescht kritt hunn, mä wou een awer gesäit, dass se herno net ugehall gëtt. Mä et ass awer wichteg, dass mer iergendwéi awer versichen um Niveau vun der Regierung, ech wëll net soen an der Urgence, mä awer als Zilrichtung hunn, dass mer all déi Texter, déi hei bestinn, elo hu mer der an enger Sëtzung schonn zwee, dräi hei duerchgezunn, dass déi iergendwéi sech an engem Code erëmfannen.

Dat muss en Zil sinn, well soss ginn esou Dispositiounen wéi déi, déi mer haut stëmmen, zwar gestëmmt, mä si kommen net zum Drogen. Da mengen d'Leit et wier eppes, mä si ignoréieren, dass si iwwert dës Wee géint Korruptioun am private Secteur beispillsweis kéinte virgoen an net nëmme géint déi, déi am öffentleche Secteur besteet.

Dat gesot, Här President, kann d'ADR-Fraktioun mat dësem Text d'accord sinn a mir wäerten en och dofir stëmmen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Merci, Här Jacques-Yves Henckes. D'Diskusioun ass domadden ofgeschloss a mir kommen direkt zum Vote vun dësem Projet de loi. Ech denken, dass alles relativ kloer an däitlech ass.

■ **M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).**- Ech hat eng kuerz prezis Fro un d'Regierung gestallt, déi kann an zéng Sekonne beäntwert ginn.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Jo, Här President. D'Äntwert ass jo. Mir wäerten e Gesetzesprojet iwwert d'Responsabilité pénale des personnes morales maachen. Mir schaffe schonn zwee Joer drun. Mä et ass awer och do méi komplizéiert, well soss hätt ech e schonn an der leschter Legislaturperiod gäre bruecht. Mä all déi juristesche Texter sinn extreem komplizéiert an dat erkläert och, firwat se ganz oft, wa se bis gemaach sinn, dann och e ganz laange Wee brauche bis se heihinner kommen. Et leien eng hallef Dosen extreem gutt Texter do, déi ënnerwee sinn am Statsrot, déi net heihinner kommen, déi zwee, dräi Joer ënnerwee sinn. Dofir bremse mer eis och e bëssen, fir der nach do derbäizeleeën, well mer gesot kréien, soss kommen déi Texter ni.

Ech denken un d'Afferschutzesetz; ech denken un d'Ännerungen vun der Prozedur, fir méi schnell beim Strofgeriicht weiderzekommen. Dir kennt se alleguerde vum Rôle. Un deem dote schaffe mer wéi gesot. Ech mengen awer, dass dat nach op d'mannst een, zwee Joer dauert bis och déi doten Tex-

ter fäerdeg sinn, well mer och nach u ganz villen aneren Texter schaffen. Bei deenen, déi feelen, ass och d'Société européenne. Et sinn der also vill, déi ënnerwee sinn. Mä d'Responsabilité pénale des personnes morales kënnt, y compris d'Korruptioun.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Elo komme mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5262 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Marie-Josée Frank), Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Felix Braz), François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, der Resolutioun vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Spezialkommissioun, déi sech mam Gebitt vun der Zelleforschung befaasse soll. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Resolutioun, den honorabelen Här Claude Meisch.

9. Résolution de M. Claude Meisch relative à l'instauration d'une commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière

■ **M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well Lëtzebuerg nach kee legale Kader fir Stammzelleforschung an all déi Problemer, déi domadder direkt liiert sinn, huet, wollte mer hei proposéiere fir eng Spezialkommissioun ze maache fir

sech da spezifesch ëm déi dote Fro ze këmmern.

Et ass esou, dass d'Europäesch Kommissioun virgesäit, dass all eenzelne Memberstat bei sech doheem eens gëtt, wéi en déi dote Fro traitéiert. Also si mer mat der Fro direkt confrontéiert. Et ass esou, dass déi Spezialkommissioun, déi bestanen huet an der leschter Legislaturperiod, nämlech d'Ethikskommissioun, schonn iwwert déi dote Fro, iwwert déi ganz Thematik diskutéiert hat, an dunn en Avis bei der nationaler Ethikskommissioun ugefrot hat. Deen Avis läit zanter zwee Joer do. En ass komplettéiert ginn duerch en Avis complémentaire ee Joer méi spéit, dee sech befaasst huet mat der Konventioun vun Oviedo vun 1997.

Also, sämtlech Iwwerleeungen, sämtlech Diskussiounen si gefouert a mir missten also elo kucken, fir lues a lues awer an déi parlamentaresch Aarbecht ze kommen, fir dat Thema do erëm och an dësem héijen Haus opzegräifen an ze kucken, wéi mer légiféiere kënnen.

D'Themegebit ass ganz, ganz komplex a mir wëllen och an de Fong goe vun där doter Matière. Mir wëllen et also net mat enger ganzer Rei vun anere Projete verméschen, an dofir war d'Iwwerleeung fir eng Spezialkommissioun ze grënnen.

D'Fro stellt sech zum Beispill, wat mer mat Embryoë maachen, déi scho bestinn? Kënnen déi fir Fuerschungszwecker genotzt ginn? D'Fro stellt sech och: Kënnen nei Embryoë kreéiert ginn, fir dann och herno domadder kënnen Fuerschung ze bedreiwen? D'Fro iwwert dat therapeutesch Klone muss gestallt ginn. A wat fir engem Kontext wëlle mer dat hei am Land, an a wat fir engem Kontext wëlle mer dat hei am Land net? Etc., etc..

Ech erspueren Iech all déi Froen elo nach eng kéier anzebeziën, mä d'Multitude vun deene Froen huet eis zur Konklusioun bruecht, dass eng Spezialkommissioun besser wier, wéi elo déi dote Froen an enger vun eise besteende permanente Kommissiounen ze diskutéieren, well mer fäerten, dass awer d'Diskussioun do an der Mass vun der Aarbecht, déi do uläit, géing ënnergoen.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Meisch. Also éischte Riedner ass den Här Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, mir hunn déi Motioun vun de Kollege vun der DP mat villem Interesse zur Kenntnis geholl. Si werft eng wichteg Problematik op, déi u sech muss behandelt ginn. Do si mer mat hinnen eens. Mir ginn informéiert, dass mer geschwënn als Chamber chargéiert gi mat engem Gesetz iwwert déi Oviedo-Konventioun. Mir mengen zwar, dass dat soll an der zoustänneger Chamberskommissioun vun der Santé behandelt ginn.

Ech wëll net soen, dass ech prinzipiell géint Commissions spéciales sinn, mä ech sinn der Meenung, dass mer scho ganz vill Kommissiounen an dëser Chamber hunn, an enger relativ klenger Chamber, an dass mer dans la mesure du possible déi parlamentaresch Organismen huelen, déi mer hunn an dofir si mer der Meenung, dass een dës Problematik och an dëser Santéskommissioun kann diskutéieren.

Mir wëssen, dass mer en Embryonenschutzgesetz brauchen hei zu Lëtzebuerg, et muss also kommen. Ech mengen, déi Kommissioun do ass outilléiert fir och wichteg ethesch Problemer mat ze traitéieren, déi sech an deem Zesummenhank stellen. An dofir, mat allem Respekt fir déi Considé-

rationen, déi an där Resolutioun do dra sinn, déi och inhaltlech Kapp a Fouss hunn, menge mer, dass mer net kënnen mat enger Commission spéciale d'accord sinn, dass mer dat sollen an där zoustänneger Kommissioun maachen, wann dann d'Regierung déi néideg Gesetzzer virleet. Mir hoffen, dass dat dann och geschwë kënnt.

Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Wie wëllt d'Wuert nach? Den Här Huss.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Demokratesch Partei hei an hirer Motioun verlaangt, dat ass an de Considéranté ganz interessant. Mir mengen och, dass eng Debatt doriwwer misst gefouert ginn. Mir bedauere just e wéineg d'Formuléierung vun deem leschten Tiret, well do steet just eppes dra vun enger «commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines».

Ech mengen awer, dass d'Problematik méi grouss ass wéi just déi Cellules embryonnaires. An eisen Ae misst et drëm goen déi ganz Problematik, wann een eng Spezialkommissioun huet, ze behandelen, déi Der an de Considéranté jo och opgezielt hutt, zum Beispill d'Problematik vun de Cellules souches insgesamt, zum Beispill d'Problematik vum Clonage thérapeutique an et gëtt nach aner Saachen an der Recherche médicale, déi ethesch Froen opwerfen, déi elo hei net dra sinn.

Ech wëll just ee Beispill ginn. Hei gëtt dann haaptsächlech fokuséiert op embryonal Stammzellen. An den USA gi se méi wäit wéi dat. Am Moment leeft do eng Diskussioun an der National Academy of Sciences. Déi maachen Direktive fir eppes an de Grëff ze kréie wat do schonn an der medezinescher Fuerschung amgaangen ass ze lafen, nämlech carrément Hybriden tëschent Mënsch an Déieren!

Si sinn amgaangen déi ze fabrizéieren, fir ze kucke fir déi Hybriden, Mëschungen tëschent Mënsch a Schimpans beispillsweis hierzustellen an déi dann als Ersatzorganlager ze fabrizéieren. Am Moment ginn op der Stanford University of California esou Considérations gemaach. Och mat aneren Déieren ass dat gemaach ginn an dat werft natierlech ganz grouss ethesch Problemer op. An dat ass eng Diskusioun, déi wahrscheinlech an e puer Joer och hei op Europa zrëckfällt an da muss ee sech och mat esou ethesche Froen ausernee setzen.

Dofir wiere mir der Meenung, dass et scho sënnvoll wier eng Spezialkommissioun ze maachen. Mä mir bedauern e wéineg, dass dës Regierung déi Iddi vun der leschter Koalitioun fale gelooss huet, well do hate mer nämlech eng special Ethikkommissioun. An där special Ethikkommissioun hu mer eis ënner anerem iwwert d'Sekteproblematik, iwwer Euthanasie an esou viru beschäftegt. Déi hätt solle virugefouert ginn an déi Kommissioun wier déi ideal Plaz gewiescht, fir ënner anerem déi dote Problematik och ze traitéieren.

Mir wieren der Meenung, dass een déi erëm misst aféieren, fir sämtlech ethesch Froen, an et ginn nach anerer, déi ech net opgezielt hunn, déi och doranner géife gehéieren. Déi Kommissioun misst an eisen Aen erëm nei geschafft ginn an ech géif dofir och der Demokratescher Partei proposéieren, fir eng llicht Ännerung an hirem Décide virzehuelen. Wa se bereit wieren déi unzuhuelen, da kënnte mer hir Résolutioun matstëmmen.